ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/11/2025

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 23 Abrëll 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA	Sylvie GIERES-DEITZ (entschëllegt)	
Stefanie BLOCK	Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt)	
Yolande EVERAD-GRAFF	Suzanne WEIS-COLLÉ (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)		
Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)		
Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)		
Seth RUEF		
Lydie RUPPERT		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Validatioun Rapport
3. Retouren vun der Gemeng
4. Kaffistuff den 27 Mäi
5. Summer Ausfluch
6. Konferenz plangen
7. Chrëschtfeier
8. Divers a nächst Dagesuerdnung

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen begréisst. Dräi Memberen haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Rapport vum 27 Februar

De Rapport gouf approuvéiert.

Punkt 3: Retouren aus der Gemeng

Gemeng huet d'Invitatiounen fir den Kinoler (5. Mäi) a fir d' Kaffistuff iwwer Bréif un d' Senioren erausgeschéckt. Béid Invitatiounen waren zweesäiteg op engem Blat zesummegefaasst. Zousätzlech war och den "Save the Date" fir den Ausfluch mat der Marie-Astrid dropgesat ginn. Et kënnt elo passéieren dat eenzel Empfänger just eng Säit kucken. D' Kinoler Säit an d' Marie-Astrid war zwar zweesproocheg redigéiert, d' Kaffi Stuff eesproocheg. Mir hoffen dofir, dat de Reflex fir d' Récksäit ze kucken virlouch.

Punkt 4 : Kaffistuff

Déi nächst Kaffi Stuff ass jo festgeluecht fir den 27 Mäi. D' Corinne këmmert sech bei der Gemeng em d' Iessgeschier (Telleren, Tasen, Glieser, Besteck...). De Carlo organiséiert Gedrénks a wéi festgehalen de Béier an de Cremant.

De Seth an d' Lieselotte testen de Kaffi's Behälter vum Laure. D' Memberen insgesamt suergen fir d' Gebäck.

De Bingo muss nach preparéiert ginn, déi aner Saachen sinn am Sall present.

Punkt 5 : Summer Ausfluch

D' Gemeng huet fir de Summerausfluch mat der Marie-Astrid ee "Save the Date" erausginn, a si këmmert sech ëm de weideren Oflaf. Mir proposéieren de Flyer mam **selwechten Layout wéi d' lescht Joer** erauszeginn.

D' Fro gouf gestallt, **wien sech em d' Auswiel vum Menue këmmert**? Dat muss nach mat der Gemeng gekläert ginn.

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 6 : Konferenz plangen

An de leschte Joer ass d' Sécherheet e wichtegt Thema ginn. Jiddereen an eiser Gesellschaft ass betraff, a ganz besonnesch d' Leit am Senioren Alter. Haus Abréch, Gaunereien, Bedruchsmaschen un der Hausdier, iwwer Telefon oder Computer a Cyberkriminalitéit sinn haut des Daags un der Dagesuerdnung. Jiddereen kann doropper erafalen an duerfir muss een gutt informéiert a preparéiert sinn.

An dem Sënn wëlle mir eis nächst Konferenz an dësem Beräich organiséieren. Uspriechpartner wieren z.B. BEE SECURE, Police oder eventuell aner Instanzen.

D' Fro fir aner Gemengen mat anzebannen gouf gestallt. Dat muss nach diskutéiert ginn. Et kënnt een awer eventuell u Sëll denken, well d' Gemeng no bei eis läit.

Punkt 7 : Chrëschtfeier

Obwuel nach Zäit ass bis zur Chrëschtfeier, sollte mir eis awer elo schonns Iddien sammelen fir den musikaleschen Encadrement an fir eventuell eng aner Opmierksamkeet.

Punkt 8 : Divers a nächst Dagesuerdnung

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Nächst Konferenz
- Kaffi Stuff
- Ausfluch mat der Marie-Astrid
- Preparatioun Chrëschtfeier
- Divers

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/11/2025

Nächst Sëtzung

3 Juni um 18h30, am Sall am Lëtschert zu Béiwen

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.